

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnungsbauminister an un d'Madamm Inneministeschesch weiderzeleeden:

„Laut den Analyse vum Observatoire de l'habitat an dem Observatoire du développement spatial gëtt et 5018 Hektar onbebauten Terrain innerhalb vum Bauperimeter. Dovunner leien 3750 Hektar an enger Zone d'habitation oder enger Zone mixte.

An deem Kader muss ënnerscheid ginn tëscht Terrainen, déi direkt bebaut kënnen ginn, an Terrainen, fir déi nach e PAP gestëmmt muss ginn - wëssend, dass dat laut Acteure vum Terrain an der Reegel am Duerchschnëtt siwwe bis aacht Joren dauere kann.

An deem Kader wollt ech dem Här Wunnungsbauminister an der Madamm Inneministeschesch folgend Froe stellen:

- Fir wéi vill vun dësen 3750 Hektar muss, ieren se bebaut kënnen ginn, e PAP gestëmmt ginn („nouveau quartier“)?*
- Wéi vill vun dësen 3750 Hektar sinn aktuell an enger PAP-Prozedur? Fir wéi vill ass de PAP scho gestëmmt?*
- Fir wéi vill vun dësen 3750 Hektar brauch kee PAP gestëmmt ze ginn („quartier existant“) a kéinten deemno no enger einfacher Baugeneemegung direkt bebaut ginn?*
- Wat ass déi duerchschnëttlech Dauer vum Moment vun der Demande vun engem PAP bis dass e gestëmmt ass?“*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten